

*Ried - Patrizia Arendt - Wahlkongress déi Lénk - 18. Juni 2017*

Léit staark maachen heescht virun allem se wouer huelen, se eescht huelen an se als Partner gläichberechtegt abezéien sief dat um Niveau vum Austausch vun Iddiien, fir Problemer ze identifizéieren an Léisungen ze sichen, fir virun ze kommen, Perspektiven a Weer fir eng méi gerecht Verdeelung z'organiséieren an préventiv ze plangen dass déi sozial Ongerechtegkeeten oofgefiedert an opgehewen ginn, déi natierlech Ressourcen erhaalen an Alternativen zu hierem Schutz entwéckelt ginn, an déi demokratesch Rechter wouer geholl gin an ausgebaut ginn.

Déi bestehend Strukturen, Schäfferot, Gemengerot, consultativ Commissiounen sinn Instrumenter déi oft an hierer eegner Logik verfaangen sinn, a wann se bis installéiert sinn ëmmer nom selwechte Muster funktionnéieren : eng Majoritéit an eng Oppositoun stinn sech géintiwwer. Als Représentants vun de Biergerinnen a Bierger vun der Gemeng souzesoen. Alles gëtt delegéiert – schléisslech hun déi gewielten Mandatären jo en Optrag vun de Biergerinnen a Bierger kritt.

Et besteet keen Austausch a keng Transparenz tëschent dem Schäfferot an dem Gemengerot, virun allem vis-à-vis vun deem Deel deem d'Oppositoun duerstellt. D'Décisioune ginn awer vun engem ganze Gemengerot gestëmmt, deem zum Deel dann awer net iwwert all Aspekter informéiert ass, a laut Gesetz 5 Schaffdeeg am viraus

d'Dossiers an Tagesuerdnungspunkte konsultéieren kann. Am Prinzip sollen d'Dossiers an de Consultativen Gemengekommissiounen, wou all d'Parteien, natierlech erëm nom Muster Majoritéit / Oppositoun zesummegeallt sinn, déi virbereeden an als « Experts » en Avis un den Schäffen- an Gemengerot oofginn. Dat geschitt kaum bis guer net. Je no Temperament vun de Kommissiounspräsidentinnen a Präsidenten sinn d'Commissiounen méi oder manner aktiv, organiséieren selwer een oder aaneren « Event », mat wierklecher consultativer Aarbecht huet dat oft näischt ze dinn.

Des festgefueren Muster, déi dozou féieren dass vill GemengepolitikerInnen Verantwortung mat Muecht verwiesselen an d'Gemengepolitik als Sprangbriet vir als Deputéierten an d'Chamber gewielt ze ginn, gëllt et ze duerchbriechen.

Dofir gesi mir als déi Lénk d'Gemengepolitik och e wéineg aanescht. Grad an de Gemengen kann een par Excellence op ville verschiddene Niveaux all d'Léit mat huelen, hier Stëmm wouer huelen an en Deel vun der Verantwortung mat iwwerdroen. Z.B. D'Kannergemengeréit an d'Jugendgemengeréit kréien kloer Kompetenzen an en bestëmmten Betrag ze verwalten wat hier Besoins betrëfft. Fléit entsteht dann och emol eng Spillplatz déi net TÜV-geprüft an um Reissbriet entstaanen ass ma eng Spillplaz wou e Bullislach ass a wou een mam Ball ka spillen, sech verstoppen a Fänkges spille kann.

Déi Jugendlech kënnen regelméisseg hier Proposen ënnert sech diskutéieren an, an engem Jugendgemengerot ausschaffen an dann vum Gemengerot gehéiert ginn, deen se echt hëllt an hier Fuerderungen och ëmsëtzt. Si sollen hier Jugendhäiser a Projets och selbstverwalten kënnen. An och eis eeler Matbierger sollen hier Erfahrungen mat abréngen kënnen. Och si sollen iwwert déi 3. Alterkommisioun eraus, sech z. B. un der Verwaltung vun alternativen, intergeneratiounellen Wunnstrukturen bedeelegen kennen.

Mir hätte gärn dass net sporadesch ma regelméisseg a systematesch « Assises de la Citoyenneté » organiséiert ginn, wou d'Bedürfnisser identifizéiert ginn an Aktiounspläng ausgeschafft ginn och vun deene Biergerinnen a Bierger déi nach kee Wahlrecht hunn, wëll och hier Stëmm muss wouer geholl ginn.

An engem « Pacte d'Intégration » soll och d'Abannen vun eisen auslänneschen Matbiergerinnen a Bierger garantéiert ginn – eng Iwwersetzung an déi verschidde Sproochen ass hei selbstveständlech – bei all Pulicatiounen, och de Gemengerotsberichter, Fester a kulturell a sportlech Veranstaltungen soll dat berücksechtegt ginn.

déi Lénk mecht sech och stuark fir eng Vereinfachung vun den Aschreiwungsprozedur an ass fir d'Oofschaafen vun der Opthaltdauer fir sech an d'Wielerlëscht anzedroen.

Mat der selwechter Selbstverständlechkeet mussen och systematesch d'Besoins vun de Léit mat besoins spécifiques berücksichtegt ginn.

Eng verstärkten Participatioun vun de Fraen kann een net mat Pohekampagnen oder Unisexkostümer ereechen. Wann een d'Fraen wëll echt huelen, dann mussen d'Gremien paritéitesch besat ginn. Sou wieren weder Mann nach Fra diskriminéiert ma gläichberechtegt Partner. D'Gläichstellung vun Mann a Fra kann nëmmen zesummen ereecht ginn, dofir muss awer offen iwwert d'Diskriminéierung geschwat gin an a regelméissegen Aktiounspläng doriwwer informéiert a géigestéiert ginn. Dofir brauche mer stuark Gläichstellungsämter an gréissere Gemengen oder am Verbond an de Regiounen. D'Budgets sollten no den Prinzipien vum Gender Budgeting opgestallt ginn. D.h. dass sech d'Gemengen esou och finanziell Instrumenter ginn fir op all Niveau géint Geschlechterdiskriminéierungen unzegoen, dat kënne z.B. spezifesch Sensibiliséierungsprojets fir Jongen oder Männer, fir Meedercher oder Fraen, oder transgender Menschen sinn. Doriwwer eraus mussen d'Gleichstellungsämter sech mat alle Formen vun Diskriminéierung befaassen, och déi vis-à-vis vun Menschen mat spezifischen Bedürfnissen.

Fir dass eng effektiv Biergerbedeelegung iwerhaapt Sënn mecht, mussen d'Gemengen iwwert déi néideg Autonomie an Finanzen

verfügen. D'Gemengen müssen als demokratesch Institutionen opgewärt ginn an méi Kompetenzen kréien. Och op Gemengeniveau stellt sech d'Fro vun der Ëmverdeelung net nëmmen vum Raichtum ma och vun den Kompetenzen an Entscheidungsrechter déi weder outgesorced nach un Privatentreprisen oofgetrueden dürfen ginn.

D'Gemengen müssen fir eng héich Liewensqualitéit fir all hier Biergerinnen a Bierger suergen an dat duerch d'Erhalen vun den öffentlechen Dingster.

Konkret heescht dat fir eis:

-öffentlech Aariichtungen sollen iwwert déi eege Gemeng eraus, a je nodeem och mat der grenzeriwwerschreidend Projets d'Besoins an d'Interessi vun de Menschen garantéieren – mir si fir Public-Public Patnrship a wieren eis géint all Privatiséierungsversuch;

-bestehend Privatiséierung vun kommunalen Dingster, déi direct an de Kompetenzberäich vun de Gemenge faalen, müssen nees rekomunaliséiert ginn, och am Sënn vun der Autonomie vun de Gemengen; (Energie, Müll, Transport, Sozialariichtungen) ;

-déi Lénk hunn an deenen Gemengen wou se vertrueden sinn sech géint d'Freihandelsoofkommen CETA an TTIP ausgeschwaat a wärten dat och weiderhinn am A behaalen;

- wat d'Finanzéierung vun Projets ugeht müssen d'Gemengen sech ausser der Dotation de l'Etat an enger lächerlech niddreger

Gewerbesteier, aaner Mëttlen ginn, och am Hibleck op d'Oofschaafen vum sozialongerechten Kostendeckungsprinzip;

- dat kann am Wunnegsbau sinn, dat kann bei koopérativen Projets am Sënn vun enger Economie solidaire sinn, dat kann bei Froen vun alternativen Energieressourcen sinn an bei Froen vun den liewenswichtegen Besoins wéi Waasser an Energie fir nëmmen déi ze nennen;

- zum Waasserpräis hu mir jo schon méi laang virgeschloen alle Léit den iwerliewenswichtegen Deel vun 50 l gratis zur Verfügung ze stellen an da gestaffel den Verbrauch bis 150 l zu engem verstännege Präis an doriwwer eraus den Méiverbrauch méi héich ze taxéieren;

- och déi Sozialarrichtungen wéi d'Maison Relais, Altersheimer, Kulturzentren a Sportsinfrastrukturen müssen an der Verwaltung vun de Gemenge bleiwen fir och hei den Service un de Léit ze garantéieren ma Sënn vun enger breeder Participatioun an enger Verbesserung vun der Liewensqualitéit fir all d'Léit a net fir dass Privatfirmen sech Täsche fëllen kënnen. Dat bedeit, dass méi consequent Projets an Transitioun ënnerstetzt ginn.

Och hei sollen d'Léit e Matsproochrecht kréien an deems regelméisseg iwwert d'Entwécklung vun de Besoins an de Quartiers an den Uertschaften diskutéiert get.

Dat bedeit natierlech dass déi paternalistesche gefouert Gemengen sech komplett ëmstellen mussen. Ëffentlech Biergerforen anstatt "geheim" Schäfferotssitzungen.

déi Lénk fuerderen méi Transparenz och um Niveau vun der Informatiounspolitik. Déi heiteg Kommunikatiounsmëttelen erméiglechen et relativ einfach an bëlleg d'Sitzungen vun de Gemengeréit z'iwerdroen fir dass d'Léit och Diskussiounen vun den Parteivertiederinnen a Verrieder, déi jo gewielt sinn an am Fong jo d'Léit verrieden a net sech selwer, kënnen ze verfollegen an sech da selwer e Bild an eng Meenung kenne maachen.

Et gett vun verschiddener Säit ëmmer monéiert, dass wann dann emol breet Biergerforen organséiert ginn, wéineg Léit sich ginnen dru bedeelgen. Jo dat maach sinn, mee och hei mussen Gewunneschten an Traditiounen opgebrach ginn – wann déi néideg Bedingunge geschaafen ginn, Prozesser regelméisseg, systematesch duerchgefouert ginn an och den Impakt nohalteg an transparent sinn, dann zéien d'Léit och mat – et gett genuch Beispiller aus dem Ausland, Podemos, Barcelone e commun fir nëmmen déi ze nennen, wou et klappt – wëll d'Léit e reellt Matsproocherecht hunn an echt geholl ginn.

Déi urban Gestaltung vum Liewen an eise Gemengen, ob oder ob net eng zousätzlech Strooss muss gebaut ginn, ob déi wéineg Gringzonen mussen erhaalen a neier geschaafen musse ginn, wéi

Sozialariichtungen mussen verwalt ginn, dat sinn alles Froen déi d'Léit direkt betreffen an en Impakt op hier Liewensqualität hunn – d'Léit hunn e Recht drop dürfen matzeschwätzen, matzegestalten a mat zebestëmmen !

Mir fueren dat Recht op Participatioun an Verantwortung fir all d'Léit an – onoffhängeg vun hierer Nationalitéit, vun hieren spezifeschen Besoins, hierem Alter oder dem Geschlecht !

Demokratie ass eppes Lieweges – kommt mir trauen eis – kommt mir bewegen eis – lieweg Demokratie mecht stuart!